

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Subsidë vum Kulturministère si wesentlech fir d'Fonktionéieren an d'Iwwerliewe vun de Veräiner. An deem Zesammenhank hu mir folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

- 1) Wéi héich ass de globale Subsid, deen un déi eenzel Veräiner an Organisatiounen an de Joren 2019 an 2020 ausbezuelet gouf?
- 2) Wéi eng Veräiner resp. Organisatioune kruten ee Subsid accordéiert, a wéi héich war dëse Betrag am Eenzelen?
- 3) Op wat fir enger gesetzlecher Basis oder no wat fir Critèrë ginn dës Subsiden accordéiert?
- 4) Wat fir ee Betrag gouf an de Joren 2019 an 2020 reegelméisseg ausbezuelet un Organisatiounen op Grond vu Konventiounen, a wéi héich war dëse Betrag?
- 5) Goufen an dëse Joren och aussergewöhnlech Subsiden un eenzel Organisatiounen oder Veräiner ausbezuelet, an a wat fir engem Zesammenhang?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten